Engagéiert B.I.R.K. asbl

Hëllef fir d'Affer vum Krich an der Ukraine

Munneref. B.I.R.K.asbl (Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton) huet mat enger Verkafsaktioun um Ouschtermaart am Cumulus zu Sandweiler a bei hirer Vente privée de 15. Abrëll an der Vitrin Sue gesammelt fir Flüchtlingen an Hëllefbedürfteger aus der Ukrain ze ënnerstëtzen.

D'Spend vun 2 000 Euro ass an d'Munnerefer Partner-Thermalstad Ladek-Zdroj a Polen gaangen. De Scheck gouf vun der Presidentin vu B.I.R.K. asbl Annette Kirsch, Netty Kill, Trésoriere an dem Dani Kieffer, Chargée de direction un de Buergermeeschter Steve Reckel an déi zwee Schäffen, Claude Schommer (Sekretär vu B.I.R.K. asbl) a Steve Schleck iwwerreecht. Si hunn de Scheck stellvertriedend fir de Roman Kaczmarzyk, Buergermeeschter vu Ladek-Zdroj, entgéint geholl. Ladek-Zdroj huet ganz vill Flüchtlingen opgeholl, an si këmmeren sech mat enger Partnerstad vun hinnen an Ostpolen un der ukrainescher Grenz, Liewensmëttel a Wueren an d'Ukrain ze bréngen, wou et am meeschte gebraucht gëtt.

Dani Kieffer
via mywort